



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 15 janvier 2020



Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Service central de législation  
43, bld Roosevelt  
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°1505 du 21 novembre 2019 de l'honorable Député Sven Clement concernant la condition physique des agents du CGDIS**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour la Ministre de l'Intérieur

Alain Becker

Premier conseiller de Gouvernement

**Äntwert vun der Madame Inneministes, Taina BOFFERDING op d'parlamentaresch Fro n° 1505 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement zum Sujet "Condition physique des agents du CGDIS"**

De Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) huet déi gesetzlech Verpflichtung, sech ëm d'Gesondheet vun alle fräiwëllegen an haaptamtliche Fraen a Männer Pompjeeën ze këmmen. Déi medizinesch Ënnersichung baséiert sech op de *règlement grand-ducal du 27 juin 2018 relatif au contrôle médical des pompiers*. Déi kierperlech Ustrengung, schaffen ënnert Stress, sou wéi staark Hëtzt där d'Pompjeeën am Asaz ausgesat kënnen sinn, si Konditiounen déi spezifesch Ënnersichunge verlaangen. Am Service de santé au travail des pompiers vum CGDIS, schaffen aktuell 3 Dokteren zesumme mat speziell forméiertem Personal, déi d'Ënnersichungen duerchféieren an duerno d'Aptitude vun de Pompjeeë festleeën.

Déi medizinesch Ënnersichungen hunn eng Gültegkeet vun tëschent 1 a 5 Joer. Sou ass séchergestallt, dass all Pompjee e regelméissege medizinesche Suivi fir seng spezifesch Aktivitéit kritt.

D'Bewertungskritèren déi vum Dokter applizéiert ginn, sou wéi verschidde Normen, sinn am Artikel 6 vum *règlement grand-ducal* vum 27. Juni 2018, respektiv am *règlement intérieur* vum CGDIS präzis opgeléicht.

Fir d'Asazfähegkeet vun engem Pompjee ze beurteilen, gëtt déi Aarbecht (Emploi) berücksichtegt, déi e leeschte muss (z.B.- am Beräich vum Feierläschwiesen an der technescher Hëllef, dem Secours à personne («Ambulanz»), oder de Spezialgruppen, wéi den Taucher an de Membere vum Groupe de support psychologique). D'Critère sinn op déi eenzel Funktiounen zougesechnitten, déi jeeweils vum Dokter individuell interpretéiert musse ginn. Chronesch Krankheeten déi net stabil sinn oder e Risiko fir deen Einzelnen duerstellen, kënnen dozou féieren, dass e Pompjee verschidde Funktiounen net méi kann ausüben.

Déi Critèren déi aktuell applizéiert ginn, ënnerscheeden sech weder fundamental vun deenen, déi virun der Kreatioun vum CGDIS ugewannt goufen, nach vun deenen dei an den Nopeschlänner ugewannt ginn.

Mat der Grënnung vum CGDIS goufen nei an zousätzlech Aptitudekategorien agefouert. Sou zum Beispill d'Kategorie "S", wou de fräiwëllege Pompjee eng manner kierperlech ustrengend operationell Tâche dierf unhuelen, wéi zum Beispill en Emploi am Groupe de support psychologique, am Groupe d'appui à la coordination opérationnelle oder als Pompier de support. Virum CGDIS hate Fraen a Männer Pompjeeë mat enger Inaptitude keng Méiglechkeet fir weider am Déngscht vun de BiergerInnen ze stoen.

Déi nei Bestëmmunge vum Médico erlaben et haut vill besser, dass jidderee besser deene gesondheetlechen Ufuerderungen entsprécht, déi jee no Emploi bzw. Aktivitéit gefuerdert sinn.

Niewent dem Body Mass Index (BMI), deen e.a. als international Referenz gëllt fir d'Gewicht ze beurteilen, ginn och nach aner Wäerter ënnersicht. Leider ass lwwergewicht souwéi Persoune mat engem héije Risiko fir Häerzkrankheeten oft eng Ursach déi zur Inaptitude féiere kann.

De CGDIS muss dofir suergen, dass déi Persoune déi aneren an Nout hëllefen, dofir adäquat virbereet sinn, an heizou ass niewent enger zolider Ausbildung och eng optimal Gesondheet a Fitness e Garant.

Fir dem Taux vun Inaptitude bei den operationelle Pompjeeën entgéint ze wierken, si vum CGDIS eng Rei Moosname kuerzfristeg ëmgesat ginn :

- Aféierung vun engem Sportstest fir KandidatInnen déi wëlle fräiwëllege Pompjee ginn,
- Professionell Sportscoachen,
- Ausbildung vun engem Groupe vu fräiwëllegen an haaptamtleche Pompjeeën zur Sportsmonitrice oder zum Sportsmoniteur,
- Sportsaktivitéiten an den Zentren oder de Zonen,
- Méiglechkeet eng Diététicienne oder en Diététicien ze konsultéieren.